# *Merci*

fir Är Bedeelegung um Schutz vun eisem Drénkwaasser


Administration de la gestion de l'eau
1, avenue du Rock'n'Roll
L-4361 Esch-sur-Alzette www.eau.gouvernement.lu
Email : **potable@eau.etat.lu**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Administration de la gestion de l'eau

# Datenerhebung am **Waasserschutzgebitt**

## All zesumme fir proppert Drénkwaasser





**INFOFLYER**

**Sënn & Zweck vun der Datenerhiewung bei de landwiertschaftleche Betriber**

# Datenerhebung am Waasserschutzgebitt

**Dësen Infoflyer soll Iech kuerz iwwer de Sënn an Zweck vun der Datenerhiewung bei de landwiertschaftleche Betriber informéieren.**

**Am Laf vun de Mooßnahmeprogrammer** an de Waasserschutzzonen zu Lëtzebuerg, ginn Date vun de landwiertschaftleche Betriber gebraucht fir kënnen eng Prognos iwwer d'Qualitéit vun eisem Drénkwaasser ze maachen. Eng Waasserschutzzon ëmfaasst den Bereich, aus dem eng Quell oder Pëtz säin Waasser bezitt. Déi ausgewisen Zone sollen dësen Bereich virun Verschmotzung schützen an fir eng gutt Qualitéit vum Drénkwaasser suergen.





**WÉIENG DATEN GINN GEBRAUCHT?**

+ Ugebauten Kulturen iwwer d'Joer
+ Düngemëttel, Doséierung an den Datum vun der Ausbréngung
+ Sprëtzmëttel, Doséierung an den Datum vun der Ausbréngung
+ Ofschätzung vun der Erntequantitéit

Dës Daten ginn, falls dir Member sidd oder gitt, duerch déi bestoend/ an Zukunft gegrënnten landwirtschaftlech Kooperatioun gesammelt.


**Just anonymiséiert Daten ginn fir d'Simulatioun genotzt.**




Unhand vun de Resultater aus enger Simulatioun, kann d'Entwécklung vun der Waasserqualitéit ofgeschätzt ginn. Bei enger Datebasis déi ze kleng oder lückenhaft ass, sënn d'Berechnungen nët genau genuch, wouduerch eng Prognos nët méiglech ass.

Eng Prognos ass wichteg, wëll den Effekt vum Ausbréngen oder Veränneren vun der ausgebrueter Stoffquantitéit deelweis réischt eng laang Zéit dono an de Quellen oder Pëtzer ze gesinn ass. Aus dësem Grond ass et wichteg sou frei wi méiglech d'Entwécklung ze bestëmmen fir fréizäiteg kënnen op Verännerungen ze reagéieren.




Weider Informatioune fannt dir direkt bei ärer landwiertschaftlecher Berodung oder bei de Kontakter op der Récksäit.